ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Oktober 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

Wann een duerch Veianen geet, fält engem op, datt villes wat kulturell wäertvoll an erhalenswäert erschéngt an engem schlechten Zoustand ass.

Dowéinst wollt ech den Här Minister bieden, mir dës Froen ze beäntweren:

1. *De Kräizgank bei der Trinitarierkierch ass ongefleegt a verdreckst. Ass de Staat fir den Ënnerhalt vum architektonesch wäertvolle Komplex zoustänneg? Wa jo, wéi ass et méiglech, datt de Staat net besser fir den Ënnerhalt vun enger kulturell a reliéis esou wäertvoller Plaz suergt?*

2. *An der Haaptstrooss sinn eng Rei vun historeschen Haiser verfall oder an engem schlechten Zoustand a stinn zum Verkaf. Ass de Staat dorun interesséiert, déi Haiser ze kafen an ze renovéieren?*

3. *Wat mécht de Staat, fir d'Kandidatur vu Veianen fir op d'Lëscht vum Weltkulturierwe vun der UNESCO opgeholl ze ginn, ze ënnerstëtzen? Ass, zesumme mat de kommunalen Autoritéiten, e Plang ausgeschafft ginn, fir Veianen ze erhalen, ze restauréieren an nach méi schéin ze maachen?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten